

realiséieren an och esou wäit wéi méiglech kann aktiv am Liewe sinn.

Mir kënnen awer och feststellen, datt ëmmer méi Leit also rüsteg bleiwen, al ginn, an datt der och ganz vill oder ëmmer méi wëllen doheem bleiwen, soulaang wéi dat nëmme méiglech ass. Duerfir musse mer natierlech och net vergiessen, datt een och an deem Beräich soll ganz vill Effortë maachen, do Servicer erméiglechen, wéi zum Beispill Aide à domicile, betreit Wunnen, Seniore-wunngemeinschaften. Och esou Saache mussen an Zukunft parallel zu den Infra-strukture verstärkt opgebaut ginn, ver-stärkt gefördert ginn.

Här President, ech komme schonn zum Schluss. Eng lescht Remarque ass déi, datt mer och hei bei deem Gebai - et ass jo eng generell Beschreiwing am Projet de loi derbäi - solle wirklech oppassen, datt mer déi leschte Standarden hunn a puncto energetescher Bauweis, well mer jo och wëllen, datt de Stat an d'Gemengen hei eng Virreiderroll spillen. Ech hoffen, datt dat dann och an dësem Projet wäert de Fall sinn.

Dat gesot, kann ech awer och hei mat zwou Hänn den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet abréngen.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Berger. D'Madame Dall'Agnol huet elo d'Wuert.

» **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).** - Merci, Här President. Madame Minister, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt e Merci der Rapportrice Nancy Arendt fir hire wéi ëmmer ganz exzellente Rapport, deen et mir dann och erlaabt, mech haut de Mëtteg hei ganz kuerzze-faassen, wat Der sécher och alleguerte begréisst.

Ech wëllt awer fir d'LSAP-Fraktioun nach eng kéier kuerz eraussträichen, wéi wichteg et ass, an Zukunft all déi CIPaen esou ze konzipéiere wéi deen heiten, nämlech matzen dran, matzen dran do, wou d'Liewe sech ofspillt.

Belval wäert, wann et bis fäerdeg ass, natierlech lieweg sinn: Geschäfte, Wunnengen, Kino, Studenten - alles dat gouf scho vu menge Virriedner opgezielt -, déi wäerte sech hei begéinen. An hei dobäi stoussen dann eben déi eeler Leit aus dësem CIPa.

Hinne gëtt dëst dann och d'Geleeënheet, wa se net méi doheem wunnen, trotzdem nach kënnen un allem, wat eng Stad an eng Gemeng ze bidden huet, deelzehuelen, um sozialen, um kulturelle Liewen dovunner ze profitéieren, hei notament ebe vun de Gemenge Suessem an der Stad Esch.

A ville CIPaen ginn d'Leit jo gutt encadréiert respektiv och animéiert, mä ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens, datt et och am Alter näischt méi Schéines gëtt, wéi selwer kënnen ze décidéieren, wéini ee wat wëllt maachen. Natierlech nëmmen dann, wann d'Gesondheet et erlaabt, a genau dat erlaabt eis dann och dëse Projet, dee mer och herno, hoffen ech, unanime wäerte stëmmen.

Eraussträiche wëllt ech awer och nach, datt d'Bewunner bis zum Schluss kënnen an dësem CIPa bleiwen, an datt derfir gesuergt gëtt, datt se, wann hir Zäit komm ass, op-timal encadréiert ginn, fir hiert Liewensenn ouni Péng a virun allem an Dignitéit kënnen ze erliewen, an dëst, wann et méiglech ass, och zesumme mat hirer Famill.

Voilà, domat ginn ech schonn den Accord vun der sozialistescher Fraktioun fir dëse Projet an ech soen lech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Dall'Agnol. D'Wuert huet elo d'Madame Minister, d'Madame Jacobs.

Et geet haut de Mëtteg méi séier wéi haut de Moien.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Ech hat anscheinend dee schlechten Numéro gezunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif och wëllen ufänken, fir der Madame Nancy Kemp-Arendt ze félicitéieren a Merci ze soe fir hiren exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, deen et mir och elo erlaabt, fir dat hei méi séier ze maachen.

Ech géif mech och wëllen hire Wierder uschlëisse vis-à-vis vun eisem Kolleeg, dem Deputéierte Fred Sunnen, dee ganz

wäitsiichteg deemools war mat sengem Schäfteen - a Gemengerot, fir ze décidéieren, dee bestehende Centre intégré dem Stat ze verkafen, fir dora Studentelogementer ze maachen, an duerno dann op enger anerer Plaz en neie Centre intégré ze bauen, sou datt Leit, déi do an deem Haus sinn, wäh-rend där Zäit net duerch Bauaarbechte ge-plot ginn. Ech géif selbstverständlech och dem Här Sunnen wënschen, datt en nach fir d'éischt op d'Uni géif goen, ier en an de Centre intégré géif goen.

(**Hilarité**)

An ech denken, all déi aner Kolleegen, wa se elo ophalen, datt se sech dann och nei Beschäftegunge sichen, sënnvoll Be-schäftegunge sichen, fir datt se och méig-lechst laang nach valid bleiwen.

Här President, mir hunn haut hei all déi Chifferen héieren, déi d'Madame Nancy Kemp-Arendt genannt huet, an ech géif nach eng kéier wëllen dorobber opmierk-sam maachen - well ëmmer erëm gesot gëtt, mir géifen op där enger Säit d'Suen zur Fënster erausgeheien, a se wieren net richtig ugewandt -, datt et da vläicht gutt wier awer emol zur Kenntnis ze huelen, datt e Projet wéi deen heite mat iwwer 30 Mil-liounen Euro, wat ëmmerhin 1,2 Milliarden där aler Lëtzebuerg Frangen ausmécht, awer e ganz erkleckleche Montant ass, a wou jiddwereen heibannen, esou wéi dat normalerweis de Fall ass, domat d'accord ass, datt mer esou Institutionen hunn, ee sech awer och muss bewosst sinn, datt dat selbstverständlech säi Präis huet.

Ech géif och wëllen, well déi leschte kéier dat och gefrot ginn ass, soen, datt mer de Moment 32 Centres intégrés hu mat enger Capacitéit vun 3.455 Better, 16 Maisons de soins mat...

(**Interruptions**)

» **M. le Président.** - Däerf ech dann, wann ech gelift, ëm Opmierksamkeet biede fir d'Madame Minister? Ech weess net, wat haut de Mëtteg ass, mä et ass ganz schwierig hei uewe Rieden ze halen, wann an engem Stéck esou e Kaméidi ass.

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Ee vun de Grënn ka vläicht sinn, dass et eng onméig-lech Atmosphär ass, an där mer hei musse schaffen. Ech gesinn hei entre-temps 40 Kolleegen, déi de Paltong mussen ausdoen, fir iwwerhaupt heibannen nach kënnen ze tagen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Une voix.** - 41.

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Ech wollt et just an aller Frëndschaft eng kéier soen, dass et Saache sinn, déi och mateneen eppes kënnen ze dinn hunn, an notament déi Aart a Weis wéi mer hei mussen tagen. Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Här Wolter, Dir wësst, dass d'Analys vun dëse Raimlech-keeten de Moment vun deene speciali-séierten Experte vun der Regierung ge-maach gëtt.

Sou, elo fiert d'Madame Jacobs weider.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Merci, Här President.

Ech wëll soen, datt mer am Moment am Ganzen 4.899 Better hu fir déi Persounen iwwer 65 Joer, déi hei a Fro kënnen kommen. Mir hunn zousätzlech néng Projekte vun Nei-baute respektiv vun Extensiounen, wat nach eng kéier 500 zousätzlech Better sinn, zu Clierf an dem Home Saint-François, awer och am Syndicat intercommunal. Ech denken, datt dat alleguer meng Kolleegen do uewen interesséiert, déi awer wéinst engem anere Punkt de Mëtteg hei sinn.

Dann awer och zu Dikrech d'A.s.b.l. Claire, Gréiwemaacher, Heeschdrëf, Sacré-Cœur, Clinique Sainte-Elisabeth, déi ëmgebaut gouf oder nei gebaut gouf, zu Péiteng an zu Wolz, wou e ganz schéinen a grouse Projet amgaang ass. Dann nach aacht supplé-mentaire Projeten, déi am Bau sinn, mat 700 zousätzleche Better, a wou Dir och gesitt, datt dat iwwert d'ganz Land verspreet ass: Dat ass zu Bäerbuerg, Konter, Dikrech, Hamm, den Hospice civil, de Centre du Rahm, Déifferdeng, Rëmeleng a Veianen.

Dat mécht dann hanneno en Total vu 6.000 Better aus, an domadder si mer an Europa Spëtzerreider och am Pourcentage vu Better, déi fir eeler Leit zur Verfügung stinn. Ech denken, datt dat eppes domat ze dinn huet, datt mer zu Lëtzebuerg, éischstens, eng generéis Assurance-dépendance hunn, déi ville Leit et erlaabt, fir an esou Haiser ze goen.

Dat Zweet ass, datt mer och den Accueil gérontologique hu fir déi Leit, déi net kënnen hire Pensiounspräis bezuelen. Wa mer iwwert d'Grenzen eraus kucke ginn, da gesi mer ganz dacks, datt do Familljen an där zweeter an an där drëtter Generatioun entweder verschëllt sinn, well ee vun hiren Elteren oder Grousselteren an esou engem Haus war respektiv well se do dra sinn. Dat hu mer hei zu Lëtzebuerg bis elo ni gewollt, an duerfir denken ech och, datt dat eppes ass, wat wichteg ass.

Ech sinn awer och absolut domat d'accord, sougutt mat der Rapportrice wéi och mat deenen aneren Orateuren, déi gesot hunn: „Mir kënnen eng kéier vill Suen zur Ver-fügung stellen, fir schéi Gebaier opze-riichten, fir och zweckméisseg Gebaier opzeiichten, mä dat Wichtegst, wat nach ëmmer an deene Gebaier ass, dat ass, datt d'Leit do net nëmme versuergt sinn, mä datt wirklech och vill Aktivitéite mat hinnen do gemaach ginn, wirklech och esou, an där Verfassung wéi se sinn.“ Dat ass zënter wéinstens zéng Joer och d'Politik vum Ministère, fir ze soen: „Ee Mënsch, deen eng kéier an esou en Haus kënnt, dee bleift och do soulaang wéi e leeft.“ Mir ginn en net méi nach eng kéier vun esou engem Centre intégré an eng Maison de soins plënneren, well dat och fir déi Persoun net evident ass.

Mir sinn an deene leschte Joren amgaang ze kucken, wat nei Besoinë sinn, a mer mierken, datt eng ganz Partie vun neie Wënsch och bei de Leit sinn, a wa mir eis alleguerten an déi Situatioun setzen, dann, denken ech, hu mir erëm aner Uspréich, wa mer bis an deen Alter kommen, wéi déi Leit, déi elo do sinn, respektiv nach déi Gene-ratiounen, déi virauser do waren. Duerfir gi mer verstärkt och op de Wee vun de Logements encadrés, wou dann d'Leit selbstverständlech awer nëmmen zu enger gewëssener Zäit an eng gewësse Längt kënnen dobleiwen an duerno dann op déi heiten Infrastrukture wäerten zrëckgräifen.

Datselwecht zielt och fir de Maintien à domi-cile. Mir haten dës Woch eng gemeinsam Pressekonferenz mat HELP, Här President, déi eben do eng Studië gemaach haten iwwert d'Zefriddenheet vun hire Memberen, 900 Leit, déi do schaffen - bei aneren Träger sinn et der nach eng Partie weider. Esou datt een och gesäit, datt niewent dem Maintien, niewent den Institutionen och ganz villes geschitt an dem Maintien à domicile, an datt och do muss sécher-gestallt ginn, niewent der Fleg, datt och all déi aner Servicer ugebuede ginn, fir datt een ebe méiglechst laang ka gutt doheem bleiwen. Net nëmmen doheem bleiwen, mä wirklech och méiglechst laang gutt kann do liewen, well sougutt wéi mir dat Recht fir eis akloen, ass et kloer, datt och déi Leit, déi am Alter sinn, dat och kënnen maachen.

Dat gesot, Här President, soen ech jidd-werengem Merci, deen deem Projet hei eng positiv Stëmm wäert ginn, a mir si frou, datt mer dat och elo nach virun dem Enn vun der Legislaturperiod kënnen maachen, fir datt och déi Aarbechten zügeg op der Plaz kënnen virugoen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi perséinlech Stëmmen fir d'éischt. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration.

De Projet de loi 5937 ass eestëmmeg ugehall mat 58 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5937 est adopté à l'unanimité des 59 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Nancy Arendt), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme

Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass et esou decidéiert.

2. 5830 - Projet de loi organisant l'aide sociale (suite)

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 5830 iwwert d'Aide sociale, wou mer d'Diskussioun haut de Moien ofgeschloss hunn.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5830 ass ugehall mat 52 Jo-Stëmmen, bei 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Lucien Thiel), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Se sont abstenus: MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass et esou decidéiert.

» **Une voix.** - Neen.

» **M. le Président.** - D'Majoritéit huet et awer esou decidéiert.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Mir hu keng Dispens vum zweete Vote, well mer eng Opposition formelle hunn. Et ass eng éischt Lecture.

» **Une voix.** - Eng éischt Lecture. Mir kënnen awer d'Dispens ginn.

» **M. le Président.** - Mir kënnen awer d'Dispens froen. Jo, mä dat ass jo eng aner Fro. Ech hunn d'Chamber gefrot, ob se d'Dispens vum zweete Vote gëtt. D'Majo-ritéit vun der Chamber decidéiert dat esou, dann ass et esou decidéiert.

(**Interruptions**)

Ob dat lech gefält oder net, d'Majoritéit huet d'Dispens ginn. Voilà, wat de Statsrot déci-déiert, dat gesi mer da spéider.

(Interruptions)

Dat ass net auszeschléissen. Mä op jidde Fall ass de Moment elo emol esou déci-diéiert.

Sou, Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zu der Proposition iwwert d'Modifikatioun vum Règlement. Mir hunn zwou verschidde Propositionen. Déi eng Kéier ass den Här Gibéryen deen, deen eis d'Propositione vun der Kommissioun virleet, an déi Kéier drop den Här Fayot. Fir d'éischt ass et um Här Gibéryen, an ech géif ëm Är Opmierksamkeet bieden. Et geet nämlech ëm eist internt Règlement.

3. 5864 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux propositions de loi

Rapport de la Commission du Règlement

» M. Gast Gibéryen (ADR), rapporteur.- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, esou wéi den Här President et gesot huet, geet et hei ëm eist internt Règlement. D'Reglementskommissioun huet sech mat de Prozedur befaasst, wat d'Propositions de loi ubelaangt.

Dir wësst alleguer, datt déi aktuell Prozeduren, déi mer hunn, relativ komplizéiert sinn a relativ vill Etappen hunn, an d'Konsequenzen dovun sinn, datt am Fong déi Propositions de loi, déi vun eis eenzelnen Deputéierte gemaach ginn, ganz selten déi legislativ Prozedur wäerten duerchlafen. Mir hunn dofir versicht, a mir hunn dat eestëmmege an der Kommissioun gemaach, fir eng nei Prozedur der Chamber hei ze proposéieren.

Ech erspueren lech, nach eng Kéier déi al Prozedur ze rappeléieren, mä ech wëll just a kuerzen Zich déi nei Prozedur virstellen. Anerefalls géif ech och mengen, datt mer ze vill géifen duerjerneekommen.

Et bleift selbstverständlech e Recht vun all Deputéierten, ëmmer eng Proposition de loi kënnen auszeschaffen an ze déposéieren. Déi Proposition de loi gëtt um Büro vun der Chamber déposéiert, an d'Chamber, an dat ass dann en éischte Schratt, décidéiert dann iwwert d'Recevabilitéit vun där Proposition de loi op Proposition vun der Presidentekonferenz hin.

Wat mer am Artikel 58 vun eisem Règlement gestrach hunn: Fréier, oder bis elo, hu mer ëmmer gekuckt bei der Recevabilitéit, ob déi Proposition de loi net géif géint den Ordre public oder d'Bonnes mœurs verstoussen. Well dat awer eng Definitiou ass, oder e Kritär ass, dee schwéier ze definéiere wier an nach vill méi schwéier ze kontrolléieren ass, huet d'Kommissioun proposéiert, fir dat aus eisem Règlement ze sträichen a just nach iwwert d'Recevabilitéit, wat also da méi eng Formsaaich gëtt, déi d'Chamber mécht, ze decidéieren.

Wann d'Chamber se recevabel erkläert, gëtt se un d'Regierung geschéckt, déi da ka bannent dräi Méint en Avis ofginn, an d'Presidentekonferenz iwwerweist se an déi zoustänneg Kommissioun. Déi zoustänneg Kommissioun muss déi Proposition de loi dann op den Ordre du jour huelen, a bannent engem Délai vu 60 Deeg no dem Dépôt kënnt déi Proposition de loi dann hei an d'Chamber.

Et ass also e ganz wesentlech neie Punkt, dat heescht, datt all Proposition de loi nom Dépôt bannent 60 Deeg muss op den Ordre du jour vun der Chamber kommen, wou dann driwwer diskutéiert gëtt, iwwert d'Poursuite vun der Prozedur. Dobäi gëtt se virgestallt vum Auteur, an déi eenzel Partie kënnen Stellung dozou huelen, an da gëtt iwwert d'Poursuite vun der Prozedur décidéiert.

Wann d'Chamber decidéiert, där Proposition de loi eng Suite ze ginn, da geet se erëm un d'Presidentekonferenz zrëck, déi se dann erëm un déi zoustänneg Kommissioun verweist. Se geet dann awer och un de Conseil d'État weider, a se geet dann awer och op där anerer Säit, an dat ass och nei, vun der Chamber aus direkt un d'Chambres professionnelles weider.

Wann d'Chamber géif decidéieren, där Proposition de loi keng Suite ze ginn, da gëtt se klasséiert a se gëtt einfach vum Rôle geholl. Et kann och an enger Sessioun eng Proposition de loi, déi rejetéiert ginn ass, an darselwechter Legislaturperiod och keng zweete Kéier méi frësch déposéiert ginn.

Wann déi Kommissioun e Rapport mécht iwwert déi Proposition de loi, an déi Proposition de loi hätt Konsequenzen, wat d'Statsfinanzen ubelaangt, entweder datt se géif zousätzlech Dépensé géréieren oder datt d'Recetté géifen erofgoen, da muss an deem Rapport festgehalen ginn, wéi déi Ännerungen, wat de Statsbudget ubelaangt, géifen ausgeglach ginn.

Eng Proposition de loi kann och zrëckgezu gi vun engem Deputéierte virum dem éischte Vote, wat d'Poursuite vun der Procédure législative ubelaangt. Duerno kann hie se net méi zrëckzéien. Datselwecht zielt och fir Deputéierter, déi net méi an der Chamber sinn. Do kënnen d'Groupes politiques oder d'Groupes techniques, wou den Auteur vun der Proposition de loi Member dra war zum Zäitpunkt wéi en den Dépôt gemaach huet, a wann en net méi Member ass, da kann dee Groupe politique oder d'Sensibilité politique dann och déi Proposition de loi zrëckzéien.

Dann hu mer nach en anere Punkt gemaach, Här President, dat ass d'Disposition transitoire, wou mer am Fong soen: Fir mat deem neie System elo unzekommen, gi sämtlech Propositions de loi deen Abléck, wou dat neit Règlement en vigueur trëtt, an dat ass déi éischt Sitzung vun der neier Chamberssessioun - well mer der Meinung waren, et sollt ee mat der neier Prozedur an der nächster Legislatur ufänken, also deen Abléck, wou dat Règlement a Kraaft trëtt, déi éischt Sitzung vun der neier Legislaturperiod -, ginn am Fong all Propositions de loi, déi bis zu deem Zäitpunkt déposéiert gi sinn, vum Rôle geholl, à l'exception vun deenen, déi an der Aarbecht sinn, wou schonn eng Prozedur en cours ass.

Duerfir ginn dann och vum Büro vun der Chamber aus all d'Kommissiounen gefrot, ob si Propositions de loi hunn, un deene se schaffen, déi also an der Prozedur sinn. Déi bleiwen dann an der Prozedur, an all déi aner Propositions de loi ginn d'office vum Rôle gestrach. Déi kënnen dann awer vun Deputéierten erëm nei erabruucht ginn, wa se déi gären an déi nei Prozedur eran hätten.

Dat ass kuerz résuméiert déi nei Proposition, déi mer als Règlementskommissioun maachen. Déi huet also zum Zweck, datt mer méi eng kloer Prozedur kréien, a se huet virun allem zum Zweck, datt bannent sechs Méint no dem Dépôt all Proposition de loi heibannen eng Kéier diskutéiert gëtt, an datt d'Chamber dann decidéiert, ob se där Proposition de loi eng Suite gëtt oder keng Suite gëtt.

Dat ass de wesentleche Punkt, an ech géif mengen, datt dat awer eng Opwäertung vun eiser parlamentarescher Aarbecht heibanne wier. An ech géif dofir och, am Numm vun der Kommissioun, lech alleguer recommandéieren, dës Ännerung vun eisem Règlement zoustëmme.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. D'Madame Flesch huet elo d'Wuert.

» Mme Colette Flesch (DP).- Här President, ganz kuerz: Mir schléissen ons där Proposition un, déi an der Commission du Règlement diskutéiert ginn ass. Ech mengen, heimadder ass d'Prozedur alléigiert a gëtt awer och dem Auteur vun der Proposition de loi d'Geleeënheet ze gesinn, dass seng Proposition weidergeet.

Onse Souci haut wéi gëschte bleift, dass d'Fro vun der Recevabilitéit, déi jo vun der Conférence des Présidents tranchéiert gëtt, net soll eng Guillotine sinn. De Fait, dass mer d'Referenz aux bonnes mœurs a vum Ordre public sträichen, ännert näischt dorunner. Et därerf net sinn, dass d'Question vun der Recevabilitéit zu enger Guillotine gëtt.

(Interruption)

Jo, jo, sur proposition vun der Presidentekonferenz. Mat där alléigierter Prozedur kënnen mir d'accord sinn.

Merci, Här President.

» M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Wëllt nach een d'Wuert dozou ergräifen? Wann dat net de Fall ass, da stëmme mer driwwer of.

Vote sur la proposition de modification du Règlement

De Vote fänkt un. Vote par procuration. Mengt Der, de Statsrot géif d'Dispens ginn? De Vote ass ofgeschloss.

D'Proposition 5864 ass ugehall mat 55 Jo-Stëmme, bei 1 Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Martine Stein-Mergen), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).

A voté non: Mme Marie-Josée Frank.

Mir kommen dann zu dem zweete Volet, dat ass deen, wou den Här Fayot de Rapporteur vun der Kommissioun ass. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

4. 5979 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la coopération entre la Chambre des Députés et le Gouvernement en matière de politique européenne

Rapport de la Commission du Règlement

» M. Ben Fayot (LSAP), rapporteur.- Här President,...

» M. le Président.- Här Sunnen, et gëtt heibannen ofgestëmmt. Här Fayot.

» M. Ben Fayot (LSAP), rapporteur.- ...et handelt sech och hei ëm en Zousaz zu eisem interne Règlement.

Här President, d'Chamber huet an deene leschte Joren decidéiert, sech méi staark an d'europäesch Politik ze implizéieren. Dir wësst, dat hu mer säit 2003 gemaach. A besonnesch säit dem Referendum vum 10. Juli 2005 war et den Deputéierte kloer, dass een och misst probéieren Europa de Bierger méi no ze bréngen an doduerch och an der Chamber sech méi ëm europäesch Froen ze bekëmmere.

Säithier hu mer an dëser Chamber eng wichteg Aarbecht gemaach a ville Kommissiounen. Dir wësst och, dass mer vun der Europäescher Kommissioun als Chamber direkt alleguerten déi Texter kréien, déi aus der Kommissioun kommen. Vill Kommissiounen hunn dorobber geschafft an hunn interessant Diskussiounen doriwwer gehalten.

Mir wësse jo, dass mer an dem institutionelle Gefüge vun Europa zwee Législateuren hunn. Dat eent, dat ass d'Europaparlament, dann dat anert, dat ass de Conseil des Ministres. Also ass ons Lëtzebuerger Regierung mat deenen anere Regierungen vun deenen anere 26 Länner de Législateur an Europa, an et ass d'Roll vun engem nationale Parlament, also vun onser Chamber, fir dee Législateur, also deen nationale Législateur, och ze begleede respektiv ze kontrolléieren, wann dat noutwendeg ass. Dat ass deen een Aspekt.

Deen aneren Aspekt ass: Souwuel am Traité vun Amsterdam wéi och an deem vu Lissabon kréien d'national Parlamenter eng Opwäertung. Dir wësst, dass et do zwee Protokolle gëtt iwwert d'Roll vun den nationale Parlamenter am europäesche Gefüge, an och iwwert de Contrôle vun der Subsidiariteit an der Proportionaliteit vun europäeschen Texter. Déi Roll bedéngt natierlech, dass d'Chamber, déi verschidde Kommissiounen, sech mat deenen europäeschen Texter ofginn.

Dir wësst och, dass mer d'Méiglechkeet kréien, duerch den Traité vu Lissabon, innerhalb vun aacht Wochen als Chamber en Avis motivé zu enger Proposition de directive anzebréngen, wa mer mat eppes net d'accord sinn. Dat sinn also alles nei Méttelen, déi d'national Parlamenter kréien.

Fir déi Aktiviteit, déi Aarbecht, déi mer als Chamber maachen, ze ënnermauern, an och ze kucken, wat fir Méttelen mer dofir kënnen asetzen, hu mer mat der Regierung en Aide-mémoire ausgehandelt, fir ze kucken, wat fir Hëllefstellungen d'Regierung der Chamber ka gi respektiv wat d'Roll vun der Chamber vis-à-vis vun der Regierung ass.

Deen Aide-mémoire huet och d'Approbatiou vun dem Regierungsrot fonnt. Mir wollten deen, fir dass dat och méi präsent ass, als en Aide-mémoire an onst Règlement aschreien, fir dann eben och kloerzemaachen, wat Regierung a Chamber zesummen do kënnen maachen.

Dir wësst, dass mer och en Artikel 168 am Règlement hunn, dee licht ofgeännert gëtt, well mer jo net méi vun der Regierung déi europäesch Texter kréien, mä - wéi ech éinescht gesot hunn - direkt vun der Europäescher Kommissioun alles kréien.

An deem Aide-mémoire - ech wëll just sechs Punkte ganz kuerz ervirsträichen - geet et elo fir d'éischt drëm, vun der Regierung Noten ze kréien; also, schonn déi Viraarbechten, déi d'Regierung bei sech mécht, wann zum Beispill Direktive kommen, fir dass d'Chamber déi och kritt. Well et geet jo drëm, fir bei deene Virschléi vun Direktive ganz en amont, also ganz am Ufanksstadium als Chamber schonn derbäi ze sinn - well wann een dat herno zum Schluss mécht, da weess een, dass een näischt méi kann änneren -, also Noten ze kréien, déi an der Regierung ausgeschafft ginn, fir d'Konsequenze vun europäeschen Texter ze erkennen.

Dat Zweet ass natierlech, fir Regierungsmemberen, och Fonctionnairen, déi an europäesche Gremië schaffen, an d'Kommissiounen vun der Chamber ze kréien, fir déi ze héieren.

Dat Drëtt ass selbstverständlech och, fir dann, wann e Conseil européen ass oder e Conseil des Ministres, fir am Virfeld oder och duerno Exposéé vun de Ministeren iwwert de Verlaf vun deenen Aktivitéiten ze kréien.

Dat Véiert ass, fir dee Rapport, deen d'Regierung all Joer mécht iwwert d'Europapolitik, dee mer och hei an den Aide-mémoire gesat hunn, virgestallt ze kréien an zugläich och de Rapport vun der Regierung iwwert d'Transposition vun Direktiven; wat mer iwwerens net méi spéit wéi nächste Méindeg an der Europakommissioun maachen.

Da selbstverständlech, wann eng Conférence intergouvernementale kënnt, wann also Traitée geännert ginn, da muss d'Chamber esou wäit wéi méiglech mat implizéiert ginn, muss d'Regierung der Chamber Informatiounen ginn. Ech wëll och derbäi soen, dass jo och am Traité vu Lissabon nach ëmmer d'Iddi vum Konvent virgesinn ass, an dass mer dann an där Iddi, mengen ech, hei déi Kollaboratioun mat der Chamber gesinn.

Schliesslech de leschte Punkt, de sechste Punkt. Wichteg ass, wa mer Informatiounen vun der Regierung kréien iwwer hir Verhandlungspositionen, iwwert déi Prioritéiten, déi se setzen, dass mer als Chamber gradesou gutt wéi d'Regierung d'Confidentialitéit ginn, dass dat also och ënner ons bleift, wann et sech besonnesch ëm schwierig Verhandlungen iwwer national-Interessen handelt.

Dat ass also dat, wat grosso modo an deem Aide-mémoire drasteet. Ech menge schonn, dass dat fir déi zukünfteg Chamber, wéi dat och an der Vergaangenheet scho war, e wichtege Leitfuedem ass. Et ass net, dass dat hei elo absolut nei ass. Villes vun deem, wat an deem Aide-mémoire steet, ass scho praktizéiert ginn. Wichteg awer ass et, dass et formaliséiert gëtt an dass mer et an onsem Règlement stoen hunn, fir dass also och déi zukünfteg Deputéierten an deenen eenzelne Kommissiounen sech dorunner kënnen halen.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Fayot. Wëllt nach een eppes derbäifügen? Den Här Goerens, wann ech gelift.

» M. Charles Goerens (DP).- Här President, ganz kuerz, fir am Kader vun dëser Debat drun ze erënnere, datt d'national Parlamenter am Fong méi Rechter hunn am